N° 8210
Entrée le 04.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.08.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Digitaliséierungsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Nodeems, datt Frankräich rezent iwwert eng Woch laang vu massiven, gewalttätege Krawaller erfaasst gouf, huet de President Emmanuel Macron eng zäitlech limitéiert Zensur vun de sozialen Netzwierker an d'Gespréich bruecht. Hei handelt et sech ëm eng Praxis, déi ee virun allem aus net demokratesche Staate kennt a beispillsweis am Fall vun der Tierkei an der Vergaangenheet och vun der EU kritiséiert gouf.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet d'Regierung zu enger méiglecher Zensur vun de soziale Reseauen z.B. am Fall vun Onrouen? Géif d'Regierung wëllen esou eng Zensur vun de soziale Medien aféieren? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen a mat wéi enge méigleche Begrënnungen? Wéi e rechtleche Kader géing et ginn, fir esou eng Zensur anzeféieren? Wéi kéinten d'Bierger sech juristesch géint esou eng Zensur wieren?
2) Am Fall wou d'Regierung esou eng Zensur géing envisagéieren, wär dat net am Widdersproch zum Artikel 23 (2) vun eiser Verfassung?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 8210
Entrée le 30.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro N° 8210 vum 4. August 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser, zu enger zäitlech limitéierter Zensur vun de soziale Reseauen.**

D'Regierung steet fir e fräien an oppenen Internet a wäert deemno keng Zensur vun de sozialen Netzwierker aféieren.

Lëtzebuerg, den 28. August 2023

De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel